CSV BIISSEN

Am Gemengerot vun haut 14. Juli 2021 goufen all Decisiounen eestëmmeg geholl, ausser wann et aneschters uginn ass.

1) **Informations générales**

   a) **Résolution du conseil communal déclarant la commune de Bissen zone de liberté pour les personnes LGBTIQ**

   D'Ofkierzung LGBTIQ steet fir Lesbian, Gay, Bisexual, Transgender, Inter a Queer. Mat dëser Resolutioun

   - gëtt d'Biisser Gemeng zu enger Fräiheetszone fir LGBTIQ-Persounen deklaréiert;
   - verurteelt d'Gemeng d'Initiative vun der polnescher a vun der ungarescher Regierung géint d'LGBTIQ-Rechter;
   - soll de Reebou-Fändel am „mois des fiertés" virun der Gemeng opgehaange ginn.

   An der Diskussioun huet sech awer erausgestallt, datt am Ablack nach eng 3. Fändelsstaang beim Gemengenhaus feelt.

   b) **Charte relative à la participation à la semaine européenne de la mobilité**

   An dësem Joer ass d'europäesch Mobilitéitswoch tëschent dem 16. an dem 22. September.

   D'Gemeng Biissen verflicht sech zu folgende Moossnamen :

   - Organisatioun vun Aktivitéite während der Woch vum 16.-22. September 2021 ronderëm d'Thema vum Joer « Aktiv, gesond a sécher ënnerwee » ;
   - Ëmsetzung vun engem oder méi permanente Mesuren, déi de Wiessel vum Privatauto op méi nohalteg Mobilitéitsoptiounen ënnerstëtzen ;
   - den autofräien Dag feieren an esou eng oder méi Stroossen nëmme fir d'Foussgänger, d'Vëlosfuerer an den ëffentlechen Transport opmaachen, dat während mindestens engem ganzen Dag (an dat am beschten um 22. September 2021 selwer).

   De Gemengerot gouf iwwer eenzel geplangte Manifestatiounen informéiert, ewéi z.B. de Vëlosokkasiounsmaart, en Urban Village, e Spillplazerallye an e Café-Croissant.

2) **Fixation du taux multiplicateur de l'impôt commercial**

   De Multiplikatiounstaux fir d'Gewerbesteier soll fir d'Steierjoer 2022 onverännert op 300 Prozent bleiwen.

3) **Fixation des taux de l'impôt foncier**

   D'Multiplikatiounssätz fir d'Grondsteier solle fir d'Steierjoer 2022 onverännert bleiwen, an zwar :

| | |
|---|---|
| A propriétés agricoles | 300% |
| B1 constructions industrielles ou commerciales | 450% |

| | |
|---|---|
| B2 constructions à usage mixte | 300% |
| B3 constructions à autres usages | 300% |
| B4 maisons unifamiliales, maisons de rapport | 150% |
| B5 immobilisations non bâties autres que les terrains à bâtir | 400% |
| B6 terrains à bâtir à des fins d'habitation | 400% |

**4) Approbation d'une convention**

Mat der Madame Josephine Neuman-Goller gëtt am Kader vun engem SICONA-Projet e Vertrag ofgeschloss, fir datt d'Gemeng op hirer Parzell 1150/2563 um Flouer Leinebierg (dat ass, wann een hannert der Eisebunnsbréck bei der Neelfabrék riets de Feldwee eropfiert), folgend Moossnamen duerchféieren däerf :

- Pflanze vun engem neien Héichstammuebstbam ;
- Ënnerhale vun den existente 25 Héichstammuebstbeem.

**5) Approbation d'un compromis d'échange**

Fir den Ausbau vum ZAC Am Seif gi mam Här Jean Wolter eng Rëtsch Terraine getosch. Heizou kritt d'Gemeng d'Parzellnummer 468/4410 am Seif. Dës Parzell iwwer 72,80 Ar stéisst un Terrainen, déi haut schonns der Gemeng gehéieren. De Wäert gëtt op 20.500 Euro pro Ar geschat.

Am Géigenzuch kritt den Här Wolter aner Terrainen :

- Parzellnummer 547/2187 am Seif, déi eng Gréisst vu 57,80 Ar huet an op 9.000 Euro den Ar geschat gëtt. Dësen Terrain hat d'Gemeng virun 2 Woche vun der Mme Christiane Stoffel kaaft.
- Parzellnummer 570/3384 op der viischter Poukewiss, déi eng Gréisst vun 83,45 Ar huet an op 5.000 Euro den Ar geschat gëtt. Dës Wiss direkt hannert der Cité Steekräiz hat d'Gemeng eréischt rezent vun de Consorts Kremer kaaft.
- dräi Bëscher op « ënner Helperich » (Parzellennr. 909/43, 908/2330 an 909/2331), dat leit just virum Bill. Dës 3 Bëscher hunn eng Gesamtfläch vu 520,60 Ar a ginn op 100 Euro den Ar geschat.

Vu datt den Echange wäertméisseg net opgeet, bezilt d'Gemeng dem Här Wolter nach eng Soulte iwwer 502.890 Euro.

**6) Approbation de plusieurs devis**

**a) Aménagement de 4 arrêts de bus dans la ZAC Klengbuusbierg II et création d'un chemin de jonction**

Déi 4 nei Busarrête vun der Buslinn 402 (Campus & ZAC Klengbuusbierg) am ZAC Klengbuusbierg II kréien hir eege Bushaisercher. Donieft gëtt en neie Fousswee am alen Deel vum ZAC Klengbuusbierg I gebaut, an zwar tëschent de Betriber BIHOR a Constructions métalliques Franck. Dat Ganzt kascht 140.000 Euro.

D'CSV-Fraktioun huet begréisst, datt u sougenannten « plaques tactiles » um Buedem fir déi blann Matbierger geduecht gouf. Bedauert hu mir, datt keng Bushaisercher fir de Busarrêt "An Henckels" am Devis virgesi goufen.

**b) Mobility Management**

Et leit en Devis iwwer 182.637 Euro vir, fir e Konzept vun engem « Mobility Management » fir d'Industriezonen (Klengbuusbierg, Jauchwiss, Seif & Rouscht) auszeschaffen. Dat Ganz soll 18 Méint daueren, an dat an engem Dialog mat de

Betriber (ë.a. sollen si hir Mataarbechter encouragéieren, fir un enger Ëmfro deelzehuelen).
Dobäi kommen nach 34.456,50 Euro fir eng Auswäertung vun den Handysdonnéeë vun deene Leit, déi sech op de Site deplacéieren. Esou sollen anonymiséiert Beweegungsprofiller erstallt ginn.
D'CSV-Fraktioun huet sech enthalen, wëll mat enger Etude keng konkret Realisatioune verbonne sinn. Och wann e Bréif un de Staat erausgaang, gouf et nach keng Äntwert, ob de Staat sech finanziell un der Etude bedeelegt. Dobäi koumen eng Rëtsch vun der Firmaen op Initiativ vum Staat.
Op eis Nofro hinn huet den Här Buergermeeschter ugekënnegt, datt de Rondpoint op der Haaptkräizung um Rouscht nach vrum Congé collectif ausgeschriwwe soll ginn. Dat geplangte Parkhaus um Automotive Campus ass exklusiv accessibel fir d'Firmaen um Campus an owes/weekends fir d'Notzer vun eisem Sportskomplex.

**7) Création de poste dans la carrière de l'employé communal**

Nodeems an der leschter Gemengerotssitzung déi vakant A2-Plaz am Service technique net konnt besat ginn, gëtt elo ab 1. September 2021 eng Plaz als Employé communal (ingénieur-technicien) an der selwechter Carrière geschafen, an dat limitéiert op 2 Joren (d.h. CDD).

**8) Approbation de plusieurs contrats de travail**

D'Madame Monique Mathieu an den Här Guy Hoffmann halen och am nächste Schouljoer nees Lëtzebuergesch-Cours'e fir Matbierger, déi eis Sprooch léiere wëllen. Den Tarif variéiert tëschent 60 Euro a 65 Euro pro Stonn, déi gehale gëtt.

**9) Allocation de primes d'astreinte**

D'Equipe « Service conciergerie » (Sportshal) kënnt an de Genoss vun enger Prime d'astreinte, wann se weekends engem Benotzer vun der Sportshal hëlleft. Dat mécht pro Aarbechter 180 Euro fir 2 Woche Permanence.
Eis nei Pechert, d'Madame Myriam Weiten, kënnt all Mount an de Genoss vun 2 Primmen :

- eng Prime d'astreinte vun 22 Indexpunkten ;
- eng Prime de risque vun 10 Indexpunkten.

**10) Approbation de plusieurs actes notariés**

Eng ganz Rëtsch Notairesakte betreffend d'Lotissement an der Bléi stoungen um Ordre du jour :

| | | |
|---|---|---|
| M. et Mme Haris Mrkonjic-Hamzic | 4,18 Ar | 309.320 Euro |
| M. et Mme Amel Mujkic-Mujkic | 4,16 Ar | 307.840 Euro |
| M. et Mme Felix Schüller-Clement | 5,45 Ar | 376.050 Euro |
| M. et Mme Jeff Heirandt-Godart | 4,22 Ar | 312.280 Euro |
| M. Anes Mahalbasic | 4,23 Ar | 313.020 Euro |
| M. et Mme Majid Ibric-Mujkic | 4,11 Ar | 304.140 Euro |
| M. et Mme Shyqeri Halimi-Lutfiu | 4,16 Ar | 307.840 Euro |

Den Notairesakt mat der Famill Sokol Halimi-Veli gouf eestëmmeg vum Gemengerot refuséiert, nodeems datt eng Differenz vu 740 Euro am Präis zu Ongonschte vun der Gemeng festgestallt gouf.

Donieft stoung den Notairesakt mat de Consorts Kremer-Mathey zum Vote. D'Gemeng keeft heimatter fir e Gesamtpräis vun 2.133.800 Euro en Akerland iwwer 90 Ar am Seif an eng Wiss iwwer 83,45 Ar an der viischter Poukewiss. Dësen Akt gouf mat 6 Jo-Stëmmen a 4 Neen-Stëmmen ugeholl.

**11) Approbation de plusieurs titres de recette**

Eng ganz Rëtsch Recette ouni Taxereglement à la base goufe vum Gemengerot approuvéiert.

**12) Nomination définitive à un poste de rédacteur du secrétariat communal**

D'Madame Marlène Dos Santos Alves aus dem Etat civil gouf definitiv nominéiert.